N° 3518
Entrée le 17.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3518 vum 22. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

*1. Wéi ass d'aktuell Versuergungssituatioun vu medezineschem Cannabis zu Lëtzebuerg? Sinn all déi virgesinne Produiten (CBD-räich Bléien, balancéiert THC/CBD Bléien, an déi dräi Ueleg-Extrakten)reegelméisseg an a genuch Quantitéite verfügbar?*

Fir déi 3 Ueleg-Extrakte sinn onënnerbrach genuch Quantitéite verfügbar, an d'Reserve gutt gefëllt.

Fir d'Cannabis-Bléie kann et bei den CBD-räiche Bléie Mëtt Februar zu enger Rupture komme vun e puer Deeg. Aktuell ginn déi läscht CBD-Bléien an de Spideeler un d'Patienten delivréiert. Déi nächst Liwwerung ass virgesinn tëscht dem 13ten an 20ten Februar.

*2. Ass et 2025 zu Rupturen oder Versuergungsengpäss bei eenzelne Produkter komm? Wann jo, bei wéi enge Produkter, wat waren d'Ursaachen a wéi laang hunn d'Rupturë jeeweils gedauert?*

Vu Mëtt Oktober bis Mëtt November 2025 (ongeféier 4 Woche laang) ass et zu enger Rupture komm bei den CBD-räiche Bléien. Bedéngt wor dëst duerch d'Oflafe vum Stock, an enger Verspéidung vu bal 2 Méint vun där neier Liwwerung.

Bei de balancéierten THC/CBD-Bléie gouf et och eng Rupture vu 4 Wochen tëscht Ufanks Februar an Ufanks Mäerz 2025.

*3. Ginn et de Moment Rupturen an de Stocke vu medezineschem Cannabis, déi d'Versuergung vu Patiente beafl ossen? Wann jo, bei wéi enge Produkter, a wéini ass mat enger Normaliséierung vun der Versuergung ze rechnen?*

Zum Zäitpunkt vun dëser Äntwert ass nach kee Produit vun enger Rupture de Stock betraff.

*4. Wéi vill Patiente ware vun der Ofschafung vun den THC-räiche Bléie betraff ? Wéi gouf séchergestallt, datt dës Patiente weiderhin eng adäquat therapeutesch Alternativ kréien?*

D'Unzuel u Patienten déi 2024 matt THC-räiche Bléie behandelt goufe loung bei 783. Déi verbleiwend therapeutesch Alternative konnten d'Patiente matt hiren Dokteren exploréieren:

- medezinesche Cannabis ass weiderhin eng Optioun bliwwen, entweder ënnert enge vun deenen 2 verbleiwende Bléie-Formen (CBD-räich oder THC/CBD-balancéiert), oder ënnert enge vun deenen 3 Ueleg-Extrakten;
- konventionell Medikamenter oder Therapien.

*5. Wéi evaluéiert d'Ministesch d'Funktionalitéit vum neie Kontrakt mat Tilray Deutschland GmbH zënter Ufank 2025? Goufe bis elo all Liwwerunge protokollgerecht erfëllt?*

D'Versuergungssécherheet vu Cannabisbléie bleift leider och weiderhin eng Erausfuerderung, bedéngt duerch d'Onberechenbarkeet („Imprévues“) vun enger Planz, där hier Bléien um Schluss vum Produktiounszyklus streng Krittäre muss erfëllen, fir als Medezin genotzt dierfen ze ginn.

*6. Wéi eng Mesurë sinn ëmgesat ginn oder si geplangt, fi r zukünfteg Versuergungsrupturen ze vermeiden an eng stabil Versuergung fir d'Patiente sécherzestellen?*

D'Fro vun der Versuergungssécherheet ass matt Tilray ugeschwat ginn. Konform zum Kontrakt gouf 2025 och eng Strof-Taxe applizéiert.

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez